

Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Théo Stendebach (par M. John Schummer) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gihéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

A voté non: Mme Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia et Jean Huss.

As d'Châmber d'accord, d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert.

Mir maachen elo d'Lecture vum Projet de loi 4404 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl.

Mir stëmmen iwwer de gesamte Projet de loi 4404 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi 4404 sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4404 as mat 55 Stëmme géint 1 bei 3 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. François Biltgen (par Mme Romi Brück-Roth), Willy Bourg, Mme Romi Brück-Roth, MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen (par M. Nico Loes), Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Edouard Juncker (par M. Marcel Glesener), Ady Jung, Norbert Konter (par M. Nicolas Strotz), Mme Marcelle Lentz Cornette (par Mme Nelly Stein), MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf);

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Fons Grimler, Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein (par M. Jean Schiltz), René Kollweiler (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Mathias Greisch), Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Reguett, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler (par M. Claude Halsdorf) et Marc Zanussi;

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Jean-Paul Rippinger), M. Emile Calmes (par Mme Agny Durdu), Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger, Mme Lydie Polfer (par M. Paul Helminger), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Théo Stendebach (par M. John Schummer) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gihéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

A voté non: Mme Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia et Jean Huss.

As d'Châmber d'accord, d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4336, 4345, 4346 an 4347. Déi véier Projeté gin zesumme behandelt. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Claude Halsdorf.

4. Projet de loi 4336 portant approbation

- de l'Accord de partenariat et de coopération entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la Géorgie, d'autre part

- des Annexes I à V

- du Protocole concernant l'assistance mutuelle entre autorités administratives en matière douanière

- de l'Acte final, faits à Luxembourg, le 22 avril 1996

Projet de loi 4345 portant approbation

- de l'Accord de partenariat et de coopération entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République d'Ouzbékistan, d'autre part

- des Annexes I à V

- du Protocole concernant l'assistance mutuelle entre autorités administratives en matière douanière

- de l'Acte final, faits à Florence, le 21 juin 1996

Projet de loi 4346 portant approbation

- de l'Accord de partenariat et de coopération entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République d'Arménie, d'autre part

- des Annexes I à IV

- du Protocole concernant l'assistance mutuelle entre autorités administratives en matière douanière

- de l'Acte final, faits à Luxembourg, le 22 avril 1996

Projet de loi 4347 portant approbation

- de l'Accord de partenariat et de coopération entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République d'Azerbaïdjan, d'autre part

- des Annexes I à V

- du Protocole concernant l'assistance mutuelle entre autorités administratives en matière douanière

- de l'Acte final, faits à Luxembourg, le 22 avril 1996

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes

M. Claude Halsdorf (LSAP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Der Chämber leien haut zur Ofstëmmung vëier Partenariats- a Kooperatiounsaccorde vir, déi ofgeschloss gi sin tëschent engersäits der europäescher Communautéit an dene 15 verschiddene Memberstaaten an anerersäits vëier haut onofhängege Staaten, déi zu där sougenannter Communauté des Etats indépendants gehéieren, a bei denen et sech ëm fréier Sowjetrepubliken handelt.

Et sin dëst déi onofhängeg Republike vun Armenien, Aserbaïdjan, Georgien, dräi Staaten aus der Regioun vum Kaukasus, an als véiert d'Republik vun Usbekistan.

Ier ech op verschidde spezifesch Aspekter vun deenen eenzelnen Accorde mat dene genannte Republiken agin, sief et erlaabt, zu dëse Partenariats- a Kooperatiounsaccorden e puer méi allgemeng Bemierkungen ze maachen, déi hir Gültigkeet hu fir déi vëier ugesprochen Ofkommen.

Dës Accorden ersetzen a sech den Accord iwwer déi kommerziell a wirtschaftlech Zesummenaarbecht tëschent der europäescher Communautéit an der fréierer Sowjetunioun, een Ofkommen, dat den 18. Dezember 1989 ënnerschriwwen gin as.

Dësen Accord huet sech deemools beschränkt op kommerziell Aspekter an op wirtschaftlech Zesummenaarbecht, woubäi et haaptsächlech ëm béidersäiteg Douanesrechter tëschent der Sowjetunioun an der europäescher Communautéit gaangen as, an zugläich huet d'Sowjetunioun den Op- an den Ausbau vun der EU unerkannt.

Den Accord vun 1989, deen an der Zäit vun der Perestroika an der Sowjetunioun zustane koum, huet derneewent zum Zil gehat, haaptsächlech vu sowjetescher Säit aus gesinn, en Usaz ze maachen a Richtung vun internationaler Integratioun vun der sowjetescher Ekonomie.

Et muss derbäi awer festgehalen gin, dass dësen Accord sech op ganz generell Klauselen baséiert huet, an am besonnesche war de Finanzement vum Kooperatiounsprogramm doran net festgeschriwwen.

Déi politesch Onrouen an uschléissend radikal Ännerungen an der Sowjetunioun, Enn vun den 80er Joren, hun et ganz schwéier, wann net onméiglech gemaacht, dësen Accord nach kennen ze applizéieren.

Den definitiven Zesummebroch vun der Konfederatioun vun de Sowjetrepubliken am Dezember 1991 hat zur Folleg, dass nei onofhängeg Staaten an der fréierer Sowjetunioun entstanen sin, wat logescherweis mat sech bruecht huet, dass et noutwendeg gin as, sech Instrumenter, dat heescht, Kontrakter ze gin, déi deneen neie Gegebenhete besser ugepasst sin an déi spezifesch Relatiounen mat deenen eenzelne Republike solle regelen.

Aus dësem Grond huet d'Europäesch Unioun am Fréijor 1992 Gespréicher opgehollet mat dësen neien onofhängege

Staaten, mat dem Zil, nei Accorden auszehandelen, déi dann d'Ofkommen vun 1989 sollten ersetzen.

Et sin d'Notiounen vu Partenariat a vun Zesummenaarbecht, déi d'Prinzipien an d'Objektiver vun dësen Ofkommen bestëmmen an och déi zukünfteg Relatiounen tëschent der EU an dëse Republike solle charakteriséieren.

Et geet an der Haaptsaach heibäi ëm de Respekt vun den demokrateschen Prinzipien an de Mënscherechter, respektiv och ëm déi progressiv Aféierung an Ofsécherung vun der fréier Maartwirtschaft an dëse Länner.

Duerch déi virleidend Partenariats- a Kooperatiounsafkommen soll d'Agliderung vun dëse Republike souwuel an d'Weltwirtschaft, wéi an déi allgemeng international Relatiounen ënnerstëtzt gin, an dëst op Basis vun de Prinzipien vum internationale Recht, a virun allem am Respekt vun den OSZE-Beschlëss.

D'Partenariats- a Kooperatiounsaccorde si sougenannt Accords mixtes, wat bedeit, dass déi festgeschriwwen Prinzipien vun de jeweilegen Ofkommen souwuel vun de 15 nationalen Parlamenten an der Europäescher Unioun engersäits ratifizéiert musse gin, wéi och anerersäits vum Parlament vun der betraffener Republik.

Et as an dësem Zesummenhank och vläicht ubruecht, kuurz op d'Definitioun an d'Spezifisitéit vun engem Accord de partenariat et de coopération anzegoen, am Verglach mat aneren Ofkommen, déi der Chämber zur Ratifikatioun virgeluegt gin.

Et gëtt nämlech schon eng klor Differenz, wat den Inhalt, d'Ausrichtung an och d'Tragweid vun dësem Kooperatiounsaccord mat dene vëier fréiere Sowjetrepubliken ugeet, wann een e vergläicht mat Ofkommen, déi mat Länner ausgehandelt gin aus anere geographeschen Zonen.

E fundamentalen Ennerscheed besteet zum Beispill zu den Accords d'association, déi d'EU mat verschiddene Staaten aus Zentral- an Osteuropa, respektiv dem Baltikum ofgeschloss huet, an deem Sënn, dass d'Accorde vum Genre, wéi se haut virleien, net zum Haaptobjektiv hun, kuurz-, mëttel- oder laangfristeg déi betraffe Länner op eng spéider Integratioun an Adhësioun an d'EU virzebereden.

Mir wëssen nämlech, dass d'Associatiounsaccorden, déi eng méi enk Zesummenaarbecht tëschent de 15 EU-Staaten an den zentral- an osteuropäesche Länner an de Balteschen Staaten zum Zil hun, op eng Echëance vun 10 Jor, virgesinn, eng Fräihandelszon fir industriell Wueren ze schafen mat dene Länner, wou en zukünfteg Bättrëtt an d'EU ausdrécklech als méiglech erkläert gin as.

Et besteet deemno eng fundamental Differenz, wat hir Tragweid an hir Zukunftsoptionen ugeet, tëschent de Partenariats- a Kooperatiounsaccorden an den Accords d'association mat de PECO-Staaten, dat heescht de Länner aus Zentral- an Osteuropa.

Dësen Ennerscheed besteet iwwerens och zu den Accord euro-méditerranéens an deenen, wat de Volet économique betrëfft, wou e progressiven Opbau vun enger Fräihandelszon virgesinn as.

Erwähnt sief dësweideren, dass, am Verglach mat den Accords de commerce et de coopération, déi d'europäesch Communautéit mat den Entwicklungslänner ofschléisst, an dëst ausserhalb der Lomé-Konventioun, d'Accords de partenariat et de coopération d'Spezifisitéit hun, dass den Uwendungsbereich sech erstreckt op de géigesäiteg politeschen Dialog an ausserdeem ënner anerem

Bestimmungen enthält, wat den Droit d'établissement ugeet.

Ier ech op déi wesentlech Punkte vum Inhalt vun dene véier Partenariats- a Kooperatiounsaccoren agin, schéngt et mer ubruecht, e puer Wieder ze verlöieren iwwer déi véier Republiken, mat denen dës Ofkomme solle ratifizéiert gin.

Dräi vun dene véier betraffene Staten, an zwar den Aserbaidjan, Armenien a Georgien, gin oft, bedingt duerch duerch hir geographesch Lag, als d'Kaukasusrepublike bezechent.

Derbäi hun an dene leschte Joren den Aserbaidjan an Armenien ënnert anerem op politeschem Plang déi international Opmierksamkeit op sech gezun duerch hir géigesäiteg Differenzen a militäresch Auseinandersetzungen ëm d'Enklav vu Karabach, e Konflikt, deem zënter 1988 bis haut 20.000 Doudesaffer an iwwer eng Millioun Flüchtlinge gefuerdert huet.

Wéinst der historiescher Virgeschicht an der Komplexitéit vun dëser Konfliktsituatioun huet déi zoustänneg parlamentaresch Kommissioun enger Annexe zu hirem Rapport iwwer d'Ofkomme mam Aserbaidjan zugestëmmt, eng Ajoute, déi sech mat der historiescher Evolutioun vun dëser Enklav befaasst a versicht, objektiv déi dach relativ verfuere Situatioun am Karabach duerzestellen.

Et sief kuurz drun erënnert, dass beim OSZE-Sommet am Dezember 1996 zu Lissabon den deemolege President vun der OSZE, den Här Flavio Cotti, virgeschloen huet, dësem Konflikt no folgende Prinzipie bäizekommen:

- déi territorial Integritéit vun Armenien a vum Aserbaidjan muss garantéiert gin;

- der Enklav vu Karabach muss e legale Statut, e Recht op Selbstbestimmung an Autonomie zougeséichert gin, obwuel dës Region matten am Territoire vum Aserbaidjan läit;

- eng Garantie vu Sécherheet fir d'Enklav an hir Populatioun muss assuréiert gin, woubäi d'Konfliktpartei sech engagéieren, déi festgeschriwwen Dispositiounen ze respektéieren.

Dës Deklaratioun gouf positiv vum Aserbaidjan opgeholl, wat leider awer nët de Fall war fir Armenien. Et wir trotzdeem ze hoffen, dass dës Initiativ déi bilateral Verhandlungen ëischer géing positiv wéi negativ beaflossen.

Wat déi aktuell Situatioun vum Aserbaidjan ugeet, esou sief folgendes kuurz bemierkt: zënter der Proklamatioun vun hirer Souveränitéit am Jor 1989 a vun der Onofhängegkeet am Jor 1991 hu wuel am Aserbaidjan Wale stattfond, mä dëst Land, wéi vill aner fréier Sowjetrepubliken, deet sech schwéier mat den allgemeng unerkannte Prinzipie vun Demokratie a Mënscherechter, zum gréissten Deel well de politesche Kontext hefir iwwer laang Joren nët gönschteg war.

Esou sief och aus de Schlussfolgerunge vun enger Delegatioun vum Europaparlament, déi als Observateuren d'Wale vum 12. November 1995 suivéiert hun, festgehale, dass erëischt zënter 1990 konnten demokratesch Elementer a Prinzipien an dat politescht Liewen afléissen, an dës Leit hu geschlussfolgert, dass déi legislativ Wale "n'avaient été ni équitables ni libres".

Eng Kommissioun vum Conseil de l'Europe huet zu dene selwechte Wale folgend Konklusioun gezun: "Les élections se sont déroulées dans le calme mais avec un certain nombre d'irrégularités et de fraudes caractérisées."

Dës Kommissioun huet awer och gläichzäiteg festgehale, dass dës Wale e wichtige Schrëtt a Richtung Demokratisatioun vum Aserbaidjan géingen duerstellen.

Et muss een also feststellen, dass vill ze maache bleift, fir an dëser transkaukasescher Republik definitiv en demokratescht politescht System dauerhaft ze garantéieren, mä genau wéi d'Commission des Affaires étrangères, de sécurité et de la politique de défense vum Europaparlament müssen och mir eis froen, ob et politescht opportun a richtig wär, den Aserbaidjan anescht ze behandele wéi déi zwou aner Republiken aus dëser Region, Armenien a Georgien, déi sech hirersäits ganz klor op dem Wee vun der Demokratie an de wirtschaftleche Reformen engagéiert hun.

Wann nämlech d'Kaukasusregion och keng politescht Entitéit duerstellt, esou kann een awer nët vergiessen, dass vun der geographescher Lag hir op wirtschaftlechem Plang dës dräi Republike sech ergänzen, an et soll an et muss dofir alles ënnerrholl gin, dass an dëser Region zesummen an nët géintenaner geschafft gët.

Wann dës dräi Länner méi enk zesummeréckelen, gemeinsam Interessen hun an op ähnlech an équitabel Aart a Weis vun der EU an hire Memberstaten ënnerréttelt gin, esou as dëst och e gewëssene Garant fir d'Stabilitéit vun dëser Region.

Op der Basis vun dësen Iwwerleungen as dofir d'Chamberkommissioun zur Iwwerzegung komm, dass de virleienden Accord de partenariat et de coopération dem Aserbaidjan ka wesentlech hëllef, seng politescht Reformen duerchzezéien, déi noutwendeg sin, fir sech an eng Zukunft ze orientéieren, dass déi demokratesch Prinzipien zum Droë kommen.

De positiven Avis vum Staatsrot zum virleiende Gesetzprojet as datéiert op de 4. November 1997.

Bis haut hun Irland, Finnland, Spuenien, Schweden, Eisträich, Dänemark an Däitschland dësen Accord ratifizéiert.

Wat de Partenariats- a Kooperatiounsaccord mat Armenien ubelaangt, esou wire folgend kuurz Bemerkungen ze maachen: Armenien as vun denen dräi Kaukasusrepubliken dat Land, wat haut iwwer déi stäerksten intern Kohésion verfügt an och dofir déi gréisste Stabilitéit kann nowiesen, och wann dës Republik, grad esou wéi den Aserbaidjan, gezechent as vum Konflikt iwwer d'Enklav vu Karabach, eng Auseinandersetzung mat engem Nopeschland, déi fir d'Zukunft vun der Region vu kritischer Bedeitung däirft sin.

Nët méi spët wéi am Mäerz vun dësem Jor as de Robert Kotcharian mat 59% vun de Stëmme zum neie Regierungschef gewielt gin an huet domat d'Successioun vum Levon Ter-Petrosian ugetrueden, deem zënter der Onofhängegkeet am Jor 1991 d'Geschécker vun Armenien geleet huet.

Armenien as nët nëmmen déi klengst, mä och déi ärmst vun alle fréiere Sowjetrepubliken, mat bis zur Halschent vun der aktiver Populatioun, déi ouni Aarbecht as.

Dës Situatioun as ëmsou méi schlëmm, well de wirtschaftlechen Embargo, deem Armenien vum Aserbaidjan

imposéiert gët, fatal Konsequenzen op déi ekonomesch Entwécklung vun dësem Land huet.

Fir weider Einzelheten iwwer déi politesch Evolutioun vun Armenien am Laf vun de Jorzingten, awer virun allem an de leschte Joren, respektiv déi aktuell wirtschaftlech Situatioun, erlaben ech mer, op de schrëftleche Rapport ze verweisen.

Festhale wëllt ech awer, datt och bei dësem Gesetzprojet déi zoustänneg parlamentaresch Kommissioun der Meinung war, datt duerch d' Ratifizéierung vun dësem Accord de partenariat et de coopération e wichtege Beitrag ka geleescht gin, fir Armenien a senger weiderer positiver Entwécklung ze ënnerstëtzen an dëst Land ze encouragéieren, op deem dach oft schwéiere Wee vun der Demokratisatioun an der Aféierung vun der fräier Maartwirtschaft weiderzegoen.

Bis haut as dësen Accord mat Armenien vun Dänemark, Spuenien, Irland, Finnland, Eisträich a Schweden ratifizéiert gin. De positiven Avis vum Conseil d'Etat as datéiert op de 7. August 1997.

Och Georgien, wou den Ausseminister vun der fréierer Sowjetunioun, den Eduard Schewardnadse, haut déi héchste politesch Responsabilitéit dréit, nodeem kuurz no der Onofhängegkeetserklärung ënnert dem Gamsachurdia e mörderesche Bürgerkriech ausgebrach war, hat, ähnlech wéi déi aner jonk an autonom Republiken no hirer Selbstännegkeet, Problemer, fir de richtege Wee a Richtung Demokratisatioun ze fannen.

Et kann ee feststellen, datt een dramatescht Evenement, an zwar de gescheiterten Attentat op de Schewardnadse, den 29. August 1995, wéi e psychologesche Schock gewierkt huet, esou datt no de Parlamentswale vum 5. November 1995 déi politesch an ekonomesch Stabilitéit konnt erëm hirgestallt an op d'Fundamenter vun engem demokratesche Regim opgebaut gin.

En negative Punkt bleiwen trotzdeem déi ongeléiste Problemer mat de Regiounen vun Abchasien an Ossetien, wat et nët erlaabt, datt Georgien séng territorial Integritéit zrëckkritt an domat kéint de Flüchtlingsproblem an de Grëff kréien.

Wat déi intern politesch Situatioun a Georgien betrëfft, esou denken ech, datt et ubruecht as ervirzeesträichen, datt ënnert der Lëtzebuerger EU-Présidence datt georgesch Parlament den 11. November 1997 en neie Code pénal gestëmmt an domat d'Doudesstrof ofgeschaaft huet. Et gouf deemools vun der Lëtzebuerger EU-Présidence festgehalten, datt et sech heibäi gehandelt huet ëm "un pas important pour le renforcement de la démocratie et de l'Etat de droit en Géorgie."

Wann och déi wirtschaftlech Situatioun gläich no dem Zesummebroch vun der Sowjetunioun katastrophal war, esou konnt d'Republik Georgien dach op ekonomeschem Plang dës Situatioun an de leschte Jore lues a lues verbessern a stabiliséieren.

Georgien spillt ënnert anerem eng Roll op regionalem Plang, doduerch datt dëst Land geographesch eng Schlüsselpositoun am Transitcouloir tëschent dem Kaspeschen an dem Schwaarze Mier anhëlt.

Derniewent kënnt Georgien eng nët onwesentlech Importenz op politeschem Plang zou, well an der Regioun vill Spannungen a Konflikter, bedingt duerch ethnisch Differenzen, bestin, an dës éischter enger friddlecher

Léisung kënnen zougeféiert gin, wann e Land politesch Stabilitéit ausstraalt a vermëttelen kann.

Den Accord mat Georgien as bis haut vun Dänemark, Schweden, Irland, Spuenien, Finnland an Eisträich ratifizéiert gin, an de Staatsrot huet op den Datum vum 1. Juli 1997 säi positiven Avis heizou gin.

Als véierten a leschte Gesetzprojet läit eis de Partenariats- a Kooperationsaccord mat dem Usbekistan zur Ofstëmmung vir.

Am Häerz vun Zentralasien geleën, as den Usbekistan e Land, dat zu 70% aus Wüst besteet, an doduerch as d'Liewen nëmmen an Oasen, respektiv laanscht d'Flëss méiglech.

Den Usbekistan as zënter dem 31. August 1991 onofhängeg a gët säithir mat fester Hand vum President Kamirov geleet.

Wéi déi parlamentaresch Kommissioun an hirer Sëtzung vum 11. Dezember 1997 d'Evolutioun vun der politescher Situatioun an der Republik analyséiert huet, gouf allgemeng festgehalten am Rapport: "Le bilan des droits de l'homme et l'état de démocratie en Ouzbékistan n'est pas satisfaisant".

Doropshin huet d'Kommissioun beschloss, d'Approbatoun vun dësem Accord op Äis ze leën, bis datt klor Zeeche vun enger Verbesserung vun der Situatioun erkennbar wieren.

Och d'Europaparlament huet an deem selwechte Kontext festgestallt "que la situation des droits de l'homme et de la démocratie demeurent très peu satisfaisants en dépit de quelques signes de progrès".

Mat enger ähnlecher Argumentatioun huet och de Staatsrot séng Bedenken ugemellt, fir en Avis favorable ze formuléieren.

Et kann een haut feststellen, dass déi zoustänneg Regirung vun Usbekistan an denen ugesprachene Beräicher seriö Effort gemaacht huet, fir de Respekt vun de Mënscherechter ze garantéieren.

Derniewent muss een och festhalen, dass d'Republik vun Usbekistan an der Regioun zur Zäit e gewëssene Stabilitéitsfacteur duerstellt op geostrategeschem Plang an dëst am Umfeld vun Nopeschlänner wéi dem Tadschikistan an dem Afghanistan, déi säit längerer Zäit a Konfliktsituatioun liewen, och vu Bedeitung as.

Schlussendlech, an dëst schéngt mer ausschlaggebend, waren d'Membere vun der parlamentarescher Kommissioun der Meinung, dass duerch d' Ratifizéierung vun dësem Accord gënschteg Viraussetzung geschaf gin, fir datt dës Republik an Zesummenaarbecht an ënnert enger gewëssener Kontroll vun der EU an hire Memberstate méi schnell den internen Demokratisationsprozess wäerd kënnen bewältegen.

Aus dëse Grënn war d'Kommissioun och averstanen, dëse Gesetzprojet an de Plenum vun der Chämber ze bréngen an zur Ofstëmmung virzeleën, well e positive Votum ënnert anerem och den Ausdrock dofir as, datt mir, wéi aner EU-Memberstaten, Vertrauen hun an d'Bestriewunge vun Usbekistan, de Wee vun demokratesche Strukturen definitiv anzuschloen.

Bis haut hun Dänemark, Spuenien, Irland, Finnland, Eisträich, Schweden a Griichenland dësen Accord ratifizéiert.

Mat der Reserv zu der Situatioun, wat de Respekt vun de Mënscherechter betrëfft, huet de Conseil d'Etat dëse Gesetzprojekt den 18. November positiv aviséiert.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, well a senger Essenz den Inhalt vun dene véier Accords de partenariat et de coopération bis op e puer Detailpunkten identesch as, wëll ech an engem kuerzen Iwwerbléck e puer Schwéierpunkten eraussträichen.

D'Accore sin an zwee grouss Haaptkapiteln opgedeelt, engersäits déi politesch Dispositiounen an anerersäits Dispositiounen op wirtschaftlechem Plang, wéi och an aneren, méi allgemengen Domänen.

Am Préambule gët vun dene jeweilige Republiken de Wëllen ënnerstrach, eng enk a konstruktiv Zesummenaarbecht mat der EU an hire Memberstaten unzestriewen, an dat op der Basis vun den demokratesche Prinzipien an dene verschiddenste Beräicher, déi fir béid Säite vu Wichtegkeet sin, wéi zum Beispill op sozialem, finanziellem, wëssenschaftlechem, technologeschem a kulturellem Plang.

Et heescht heizou: "L'accord a pour but de favoriser un rapprochement progressif entre les pays en question et une zone plus vaste de coopération en Europe et dans les régions limitrophes ainsi que son intégration progressive dans le système international ouvert".

Dësweidert gët festgehalten, dass d'Onofhängegkeet, d'Souveränitéit an déi territorial Integritéit vun jeweiliger Stat dozou bäidréit, de Friden an d'Stabilitéit an Europa ze sécheren.

Déi virleidend Accore kënnen zu all Moment ausser Kraaft gesat gin, wa wesentlech Elementer vum Ofkommen nët agchale géife gin, woubäi d'Anhale vun den demokratesche Prinzipien, virun allem op politeschem Plang, wéi de Respekt vun de Mënscherechter als prioritär ze betruechte sin.

Duerch regelméisseg politeschen Dialog soll "une plus grande convergence des positions internationales d'intérêt mutuel augmentant ainsi la stabilité et la sécurité" erreecht gin, woubäi et gëlt, déi politesch an ekonomesch Ännerungen, déi an de betreffende Länner an d'Weer geleet gi sin, ze ënnerstëtzen an ze festegen.

De Conseil de Coopération an de Conseil parlementaire de Coopération sin déi zwee Gremien, déi sech dëser Missioun sollen unhuelen, woubäi de Conseil de Coopération, deen op Ministerniveau funktionéiert, emol am Jor soll tagen.

Vu besonnescher Wichtegkeet schéngt der zoustänneger Kommissioun den Titre ze sin, an deem iwwer d'Kooperatioun an de Beräicher Demokratisatioun a Mënscherechter Rieds geet.

Hei sollen technesch Assistenzprogrammer erstallt gin, déi zum Zil hun, dene betraffene Länner Hëllefstellung ze leeschten, zum Beispill bei der Verfassung vu legislativen Texter a Reglementer a bei der praktescher Emsetzung vun dësen Texter.

Och soll dës Ennerstëtzung de Länner zoukommen, fir de Fonctionnement vun de Justizinstitutionen ze garantéieren, respektiv fir d'Roll vum Stat géintwuer der Justiz a bei der konkreter Applikatioun vum Walsystem klor ze definéieren.

Wann déi betreffend Republik ënnert Bewäis stellt, dass si wierklech gewëllt as, sech resolut op de Wee vun enger

100%eger demokratescher Staatsform ze engagéieren, esou gët eng enk Kollaboratioun mat der EU an dem Conseil de l'Europe an Aussicht gestallt, mam Objektiv, dës nei an nach jonk Republiken vun der laangjäerger Experienz vum Rechtsstat profitéieren ze loossen.

Bei Differenzen tëschent de Vertraagspartner, wat d'Uwendung oder d'Interpretatioun vun ageschriwwenen Dispositiounen ugeet, kann de Conseil de Coopération ageschalt gin, an et as souguer eng Conciliatiounsprozedur virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wat den zwete Volet vun den Dispositiounen vun dësen Accore betrëfft, esou as hei haaptsächlech de wirtschaftleche Beräich betraff.

Am Kontext vum géigesäitege Wuerenaustausch gestin d'Signatairé vum jeweilegen Accord sech de Statut de la nation la plus favorisée zou, woubäi bis zum Dezember 1998 déi véier Republiken an enger Période transitoire méi virdeelhaft Relatiounen oprechterhale kënnen mat aneren onofhängege Staten aus der fréierer Sowjetunioun, an dat mat dem Objektiv, fir déi regional Zesummenaarbecht ze stäerken an nët ofzebriechen.

Wann et sech als néideg erweise sollt, esou kann e spezifeschen Accord ausgehandelt gin, wat de Commerce mat nukleare Produkté betrëfft.

Och am Hibleck op d'Nidderloossungsrecht a wat d'Aktivitéitsméiglechkeet vu Gesellschaften ugeet, gin d'Konditiounen zrëckbehalen, déi nëmmen am Intérêt vun denen zwou Parteie kënnen sin.

Am Beräich vun der Propriété intellectuelle, industrielle et commerciale as ze bemierken, dass dëse Volet besonnesch wichteg as am Hibleck op d'Integratioun vun dëse Länner an d'Weltwirtschaft.

Fënnf Jor no der Ratifikatioun vun den Accords de partenariat et de coopération gin dës Republiken an déi multilateral Konventioun mat abezun, woubäi d'EU hinnen déi néideg technesch Assistenz zousécher.

D'Zesummenaarbecht op ekonomeschem Plang ziilt drop eraus, de Prozess vun de wirtschaftleche Reformen, dat heescht, den Neipbau an Ausbau vun dëse Länner, ze förderen.

Hei sollen d'Objektiver eng harmonesch sozial Entwécklung sin, mat virun allem och der Abezéiung vun der Emweltpolitik.

Och d'Kooperatioun am Secteur vun der Energie as besonnesch wichteg, mam Zil, dës Republiken mëttel- a laangfristeg méi Autonomie an dësem Beräich ze garantéieren an déi heiteg bal total Ofhängegkeet vun anere Staten ze reduzéieren.

Wat den drëtten Piler vum EU-Traité betrëfft, esou as och an dësem Secteur eng enk Zesummenaarbecht virgesinn. Et geet heibäi nët drëm, legal Aktivitéiten am Wirtschaftsberäich ze ënnerbannen, wéi zum Beispill den illegalen Handel mat Wueren, wéi den Import an Export vun Industrie- a Problemoffall.

Och soll eng intensiv Kollaboratioun opgebaut gin an der Drogebekämpfung an am Geldwäisswäschen.

Déi kulturell Zesummenaarbecht, respektiv d'Kooperatioun an de Beräicher vun Edukatioun an Ausbildung fannen ebenfalls hiren Nidderschlag an dësen Accoren.

Iwwer de Programm TACIS soll d'Zesummenaarbecht am Secteur vun de Finanzen weidergeféiert an nach méi intensivéiert gin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Am mëndleche Rapport zu dëse virleende Gesetzprojeten as et schwierig, a kuurzer Zäit eng detailléiert Synthesen vun engem 60 Saiten staarke legislativen Texten ze maachen.

Aus dësem Grond hunn ech mer erlaabt, nëmmen e puer Punkten aus dem Inhalt vun dësen Accorden erauszestrichen, woubäi de schrëfleche Rapport méi an d'Detaillergéet.

Zum Ofschluss wëll ech festhalen, dass dë zoustänneg parlamentaresch Kommissioun der Châmber recommandéiert, dë véier Gesetzprojeten an där Form, wéi se vun der Regierung proposéiert sinn, mat engem positive Votum ze evakuéieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner as den Här Alphonse Theis agedroen. Den Här Theis huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alphonse Theis (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Um Ordre du jour vun der Châmber vun dëser Woch stinn ënnert anerem verschiddenen Accorden, dë tëschen der Europäescher Unioun an hire Memberstaaten engersäits an enger Rei vun onofhängege Republiken aus der Regioun vum Kaukasus an aus Zentralasien ofgeschloss goufen. Staaten, dë nach virun e puer Jor e Bestanddeel vun der fréierer Sowjetunioun waren.

De Rapporteur, den honorablen Här Claude Halsdorf, huet dë véier Projeten ausserneegeluegt an eis kommentéiert, esou dass ech mech op e puer Bemerkungen ka beschränken. Ech géif him iwwerens och félicitéieren fir dë Aarbecht, dë e gemaacht huet.

Am groussen Ganze gesinn, as den Objet vun all dene Verträge, den Accord iwwer de Commerce an d'Coopération économique et sociale vum 18. Dezember 1989, den d'europäesche Communautéit deemools nach mat der Sowjetunioun ofgeschloss hat, op d'politesche Verhältnissen haut an dësem Raum ze iwwerdreien an unzepassen.

Nom Zesummenfall vun der Sowjetunioun an där domat verbonnenen Onofhängegkeetserklärung vun den eenzelnen Republiken huet de Conseil des Affaires générales den 2. März 1992 d'europäesche Kommissioun drop higewisen, fir den Dialog mat den nei entstaneenen Republiken opzehuelen, fir eventuell nei Accorde mat den eenzelnen Republiken auszuhandelen a soumat där nei entstaneenen politescher Situatioun an dene betreffende Regione Rechnung ze droen.

Doropshi si während dem Jor 1995 d'Verhandlungen mat dräi Staaten aus der Kaukasusregioun, dem Aserbaidjan, Armenien, esou wéi der Republik Georgien, an am Jor 1996 mat der Republik Usbekistan aus Zentralasien entstanden, dë zu den internationalen Accorden gefouert hunn, dë eis haut virleien.

D'Kaukasusregioun, situéiert tëschen dem Schwarzen an dem Kaspesche Mier, war historesch gesinn an as och haut nach eng ganz mouvementéiert Regioun an der Grenz tëschen dem Occident an dem Orient, an där sech d'Bevölkerung aus enger Villfalt vun Ethnien zesummesetzt.

Dë dräi Staaten aus dem Kaukasus, esou wéi och dë zentralasiatesch Republik Usbekistan, hunn eng ënnerschiedlech Entwécklung matgemaacht, wat d'Demokratie, d'Mënscherechter an d'Wirtschaft ugeet.

Fir d'Republik Georgien, de Projet de loi 4336, as d'Europäesche Unioun mëttlerweil den Hauptwirtschaftspartner.

Duerch d'Mitgliedschaft an der Organisatioun fir Sécherheet a Kooperatioun an Europa (OSZE) an d'Relatioun, dë d'Republik Georgien mat dem Conseil de l'Europe, esou wéi mat der NATO huet, dréckt sech de Wille vun dësem Land aus, den demokrateschen, wirtschaftlechen a sécherheetspolitesche Strukturen, dë an de Länner vun der EU bestinn, méi no ze kommen.

De Kooperationsaccord mat Georgien gesäit dann och am Artikel 71 vir, mëttels der Zesummenaarbecht tëschen de Parteien vum Accord, dë demokratesch Institutionen an dësem Land weider opzebauen, ze verstärken a sech an engem méi groussen Mooss fir d'Protektioun vun de Mënscherechter anzusetzen.

Wat d'Aféierung vun enger fräier Maartwirtschaft ugeet, esou stellt ee fest, datt, trotz ethnische Konflikten an dem Zesummenfall vun der industrieller Produktioun, säit der Onofhängegkeet vu Georgien Effort gemaacht gin, fir dë noutwendeg Wirtschaftsreformen an d'Weer ze leden. Esou munchen Effort as scho realiséiert gin, wat d'Privatisatioun vum Buedem an och vun de petites et moyennes entreprises ugeet.

Doriwwer eraus erlaabt dësen Accord tëschen Georgien an der EU och eisem Land, an engem Land present ze sinn, wat fir den Transit vu Petrol vum Kaspesche Mier an d'Regioun vum Schwarzen Mier eng ganz wichteg Roll spillt.

Fir d'Republik Armenien, de Projet de loi 4346, dë, wéi dë aner Kaukasusländer och, um Schnëttpunkt vun türkeschen, iranischen, russischen an europäeschen Interesse läit, as de Kooperationsaccord mat der EU e wichtige Beitrag fir dë politesch Stabilitéit an dë demokratesch Entwécklung, esou wéi en zousätzlechen Appui zur Onofhängegkeet an der Souveränitéit vun dësem Land.

Effort gin och hei gemaacht, fir sech de Structure vun den EU-Länner unzenäheren an dë wirtschaftlech, intern, sécherheets- an aussepolitesch Situatioun ze verbessern.

D'Republik Armenien as Member vum Partnerschaftsokkomme fir de Friden innerhalb vun der NATO, zudeem Member vun der OSZE an huet de Statut vun engem "invité spécial" innerhalb vum Europarat.

Fir d'Republik Aserbaidjan, de Projet de loi 4347, stellt sech innepolitesch gesinn d'Fro vum Nagorny-Karabach, enger armenescher Enklav mëttlen am aserbaidjanesche Staat, eng Situatioun, dë zu enger bewaffneter Auseenansetzung tëschen Armenier a Aserbaidjaner gefouert huet, wou an der Tëschenzäit am Kader vum Minsk-Grupp an um Sommet zu Lissabon 1996 éischt Effort zu enger friddlecher Regelung vum Konflikt ënnere holl goufen.

Den Aserbaidjan as wirtschaftlech gesinn e wichtige Partner fir d'EU, wéinst der Riese Petrolreserven, dë dat Land huet, circa 12,7% vun de weltwäite Petrolreserven.

Politesch gesinn as den Accord mat dësem Land, dat iwwerens och Member vun der OSZE as an doriwwer eraus de Statut vun engem "invité spécial" am Europarat huet, och als en Appui vun der EU fir d'Onofhängegkeet,

d'Souveränitéit an déi territorial Integritéit vun dësem Land an domat och fir méi Stabilitéit am Transkaukasus unzegesinn.

No Kirgisien an dem Kasachstan as den Usbekistan déi drëtt vu fënnef zentralasiatesche Republiken, déi mat der EU en Accord de partenariat et de coopération ënnerschriwwen hun.

Vun dene Länner, mat denen eist Land am Kader vun der EU e Kooperationsoffkommis ënnerzeechent huet, as Usbekistan gewëss eng vun denen ale Sowjetrepubliken, wou déi demokratesch, mënscherechlech a maartwirtschaftlech Prinzipien, no dene mir eis innerhalb vun der EU richten, am manste Fouss gefaasst hun.

Weinst dene vu "human rights watch" gemaachten Uprangerunge vu Verstéiss géint d'Mënscherechter an Usbekistan a weinst den existéierende Problemer, wat d'Pressefräiheet, d'Ausdrocksfräiheet, d'Associatiounsfräiheet an esou weider ugeet, huet de Staatsrot séng Approbatioun "sous le bénéfice des observations et réserves qui précèdent" gin.

An hirem Rapport weist d'Commission des Affaires étrangères et européennes op déi rezent Efforen hin, déi vun der usbekescher Regierung ënnerholl gi sin, esou wéi beispillsweis d'Asetzung vun engem "service du médiateur" an engem Iwwerwaachungsmechanismus fir d'Mënscherechter. Dës Efforen, esou wéi de Stabilitéitsfaktor, deen Usbekistan zur Zäit an enger geostrategesch wichtiger Regioun duerstellt, sin Argumenter, déi fir den Accord tëschent der EU an Usbekistan schwätzen. Zudeem as d'Ofkommis mat Usbekistan vun aneren europäesche Länner wéi Spanien, Dänemark, Irland, Finland, Eisträich, Schweden a Griichenland scho ratifizéiert gin.

D'Kommissioun huet sech leschtendlech fir de Gesetzesprojet iwwer den Accord mat Usbekistan ausgeswat.

Méng Fraktioun wäerd dann och hei fir déi dräi Projeten iwwer d'Protokollen an Ofkommen tëschent der EU a sénge Memberstaten engersäits an dene véier Republike Georgien, Armenien, Aserbaidjan an Usbekistan anerersäits stëmmen. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren. Méng zwee Virriedner hun alles gesot, esou dass ech ka ganz kuerz sin.

Ech wëll awer och am Numm vun eiser Fraktioun ganz besonnesch dem Här Halsdorf, dem Rapporteur, villmools merci soen, engersäits fir säin interessante schrëftleche Rapport, wou deen, deen e liest, och eng Rei vun interessanten Informatiounen iwwer déi betraffe Länner kritt, an anerersäits och fir säi mëndleche Rapport - wou ech ganz besonnesch drop opgepasst hun, an et as och dat, wat ech wëll hei soen -, an deem d'Questioun vun der Demokratisatioun an dene verschiddene Länner an d'Anhale vun de Prinzipie vum Rechtsstat behandelt gin.

Et as selbsterständlech, dass d'Demokratesch Partei och hire positive Vote gët zu dene véier Projets de loi, mä nach misst ee sech emol bewosst sin, wéi ee kéint méi en effikasse Contrôle ausüben iwwer déi Aiden, déi dene Länner mat Recht zoufléissen. Souwuel bei dene finanziellen Aiden, wéi och bei de wirtschaftleche Participatiounen -

wou een absolut kann d'accord sin - kéint een awer méi en effikasse Contrôle ausüben engersäits an anerersäits déi Aiden och mat Konditiounen verbannen.

Mir gesinn, wa mer dee Rapport liesen, dass mer eng ganz Parti Defizitter hun, wat den Demokratisatiounsprinzip an dene verschiddene Länner ubelaangt. Ech wëll net allze vill dorop agoen, mä wat zum Beispill den Aserbaidjan ugeet, huet d'Commission ad hoc vum Bureau vum Conseil de l'Europe gesot, dass déi Walen, déi am November 1995 an deem Land stattfand hun, sech zwar an der Rou ofgehalen hun, mä dass awer eng ganz Rei vun Irregularitéiten a charakteriséierte Fraudë stattfand hun. Et muss ee sech also froen, ob déi Aiden do richteg gebraucht gin, wann déi Leit déi Aiden op déi selwecht Aart a Weis géife gebrauchen, wéi se d'Wale manipulieren.

Wat déi aner Länner ubelaangt, wou och d'Konventioun zur Approbatioun virläit, do sin déi selwecht Observatiounen ze maachen. Bei aneren Accore gët gesot, datt déi international Observateuren och eng Rei vun Irregularitéiten relevéiert hun, zum Beispill an Armenien am Kontext vun den Electiounen, déi fir de President stattfand hun. Do steet dann: "Ce scrutin fut qualifié par le parlement européen de retour en arrière et la légitimité globale des élections fut remise en question". Dat souwäit, wat Armenien ubelaangt.

A Georgien as et e bësschen d'selwecht. Do maache se eng Recommandatioun, well do wësse mer, dass den Här Schewardnadse scho Victime vun zwee Attentater war an dee fréiere President gouvérnéiert huet "d'une façon dictatoriale". Hei gët jhust recommandéiert, dass déi Prozesser, déi en cours sin, e gewëssene Schiet op dee ganzen Demokratisatiounsprozess géife werfen, besonnesch op deen demokratesche Progrès, deen do soll stattfannen, an dass dat eng permanent Préoccupatioun as vun dene Leit aus dem Europaparlament an och vun dene Leit aus dem Conseil de l'Europe.

Wat den Usbekistan ubelaangt, sin hei och eng Rei vun Defizitter opgeléicht gin. Hei steet awer ganz klor dran, dass de Bilan vun den Droits de l'Homme an den Zoustand vun der Demokratie an Usbekistan iwwerhaupt net satisfaisant as. Dat heescht also, wa mer, global gesinn, engersäits den Demokratisatiounsprinzip an anerersäits d'Anhale vun den elementare Prinzipie vum Rechtsstat kucken, dann as dat an dene véier Länner net garantéiert. Si hun natürléich "circonstances atténuantes", well mer wëssen, dass si e laange Wee gemaacht hun. Si ware gewinnt un Tauxë vun 98 oder 99% fir decjéinegen, dee sech zur Wal gestallt huet, an dass do Fraudë stattfand hun, dat weess all Mënsch.

Mä et schéngt hei, wéi wann et besser wir, wann een an dene Länner och géif hëllefen, wat den Demokratisatiounsprozess ubelaangt, an déi Aiden, déi selbsterständlech sollen dohi fléissen, géif engem méi effikassen an enke Contrôle ënnerzéien, dass da souwuel d'Europaparlament, wéi och déi national Parlamenten, déi dat hei ratifizéiere mussen, an och de Conseil de l'Europe, periodesch e Bericht gemaacht kréichen, wéi wäit den Demokratisatiounsprozess zu deem Zäitpunkt fortgeschritt as a wéi et ëm d'Mënscherechter steet.

"Ceci étant dit", sin dat Observatiounen, déi mer schéngen, misste gemaacht ze gin. Mir wëssen, déi Länner hu "circonstances atténuantes", mä wat den allgemenge Kontext vun den Aiden ubelaangt, as d'demokratesch

Fraktioun an der Châmber selbstverständlech d'accord, fir hir Zoustëmmung zu dene véier Projets de loi ze gin. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen et kuerz. Ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun zu dene véier Projeten.

Mir haten an der Kommissioun eng Diskussioun zu dene véier Projeten, déi relativ animéiert gefouert gin as. an ech mengen, mir haten e Konsens fond, wéi mer herno d'Rapporen ofgeseent hun. Ech félicitéieren de Rapporteur, den Här Claude Halsdorf, dee schon e Spezialist an deem do Beräich vun der Aussepolitik gin as, deen a sänge Rapporen ëmmer e kleng Survol mécht iwwer d'Situatioun an dene Staten an eis e bësschen e Cours hält iwwer d'Land.

Mir stelle fest, datt den Drock op d'EU aus deem do Beräich vun Europa ëmmer méi grouss gët, datt d'Länner ëmmer méi no an ëmmer méi enk un d'EU wëllen ugebonne gin, an et gët versicht, dat Ubannen a verschidde Etappen ze realiséieren. Déi Etappe si chronologesch an hierarchesch gegliedert. Et geet iwwer e Beobachterstatut beim Conseil de l'Europe, iwwer d'Memberschaft an der OSZE bis zum Schluss dann zu den Accore mat der EU a mat dene verschidde EU-Länner. Déi Kooperatioun verleeft op verschidde Niveaue, esou wéi et an alle Rieden hei duergestallt gin as: um Niveau vun der Ekonomie, vun der Kultur a vun der Sicheerheetspolitik, awer och um Niveau vun der Sozialpolitik an um Niveau vun der Stärkung vun den demokrateschen Strukturen, déi an dene Länner - an dat as eng "Binsenwahrheit" fir all Politiker - nach op ganz schwache Féiss stin a gefiedert sin.

Wann een déi do Accore schléisst, da geet et natierlech drëm, fir bilateral Interëten ze realiséieren. Et geet awer och drëm, fir d'Stabilitéit vun dene Länner an enger fragiler Regioun och méi ze festegen. Mä mir hun an der Kommissioun gesot, mir schléissen déi Accoren nët "à tout prix" of, a virun allem nët op Käschte vun de Mënscherechter. Mir hun an der Kommissioun festgestallt, datt um Niveau vun de Mënscherechter a vun den Demokratiséierungsprozesser Defizitter bestin, an nët nëmmen an Usbekistan, wou de Staatsrot dat relevéiert huet.

Mir hu gesot, mir honoréieren, datt déi do Länner alleguer Effort maachen, fir méiglechst no a méiglechst séier déi demokratesch Spillregelen ze respektéieren, déi an der EU respektéiert gin, an datt déi Kritäre bei hinnen och ugeluegt gin, déi an der EU valabel sin. Mir haten eng Diskussioun an deem Kontext iwwer Wäissrussland, de Belarus, dat och bei d'aussepoliteschen Kommissioun komm as a wou souguer frëndlechen Drock gemaacht gin as vu Russland, dat e bësschen de Patron gespillt huet fir dat Land.

An ech erënnere mech un eng Diskussioun, wéi ee bestëmmte Saachen diplomatesch ëmschreift: e russeschen Diplomat huet gesot, mir sollten dem Belarus entgéintkommen, obschon de President eng ganz charismatesch Figur wär. Ech hu mech du bei Diplomaten informéiert, wat dat géif heeschen, an du hun ech gesot kritt, e wär relativ autokratesch. Voilà! Dat as also eng charismatesch Figur.

All d'Riedner hu gesot, mir mussen drop halen, datt déi Länner sech op dem Wee vum Rechtsstat weiderbewegen, wat nët einfach as no 70 Jor Totalitarismus: all d'Riedner ware sech och eens an der Konklusioun, datt all déi Aiden, déi elo gefrot gin, musse mat Kontrollen iwwer den Demokratiséierungsprozess an iwwer de Respekt vun de Mënscherechter verbonne sin. Domat iwwerbréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Déi Accords de coopération, déi mer diskutéieren, reie sech an an eng ganz grouss Zuel vun ähnlechen Accoren, déi mer schon an der Châmber debattéiert hun.

Et as klor, datt se een Zweck hun, an zwar fir d'Dire vun Europa vis-à-vis vun dene Länner nët zuzemaachen, mä se au contraire opzemaachen. Doduerch, datt een eng Kooperatioun mat dene véier Länner Georgien, Usbekistan, Armenien an dem Aserbaidjan mécht, huet een och d'Méiglechkeet, fir mat hinnen ze dialogéieren, fir mat hinnen ze kooperéieren an deen Abléck och verschidde Reformen duerch deen Dialog, duerch déi "coopération économique", ze realiséieren. Et as nët, andeem een hinnen d'Dir zomécht, wou een hinnen hëllef, fir de Wee vun der Demokratie ze fannen.

Et gët natierlech heiansdo bei deem engen oder anere Punkt e puer Hésitatiounen, an dofir gët et jo och nach Méiglechketen, fir iwwer de Wee vu Motiounen, vu Resolutiounen, vu Protestaktiounen verschidde Saachen erëm an d'Riicht ze héien. Mä et muss een och soen, datt an dene Länner selwer déi demokratesch Kräfte sech heiansdo, ob Majoritéit oder Opposition, schwéierdi mat der Demokratie. Et as en neien Apprentissage, dee muss gemaacht gin, wou se d'Realitéten nët kennt hun, wou se nët wëssen, wéi eng Demokratie soll a ka funktionnéieren.

Do as et un Europa, fir hei duerch den Dialog an d'Kooperatioun säint dozou bäizedroen, datt et an déi richteg Richtung geet. Dofir wëll ech och soen, datt d'ADR-Fraktioun mat dene véier Accoren averstanen as.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- De leschten Diskussionsriedner as den Här Jean Huss. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DËI GRËNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou kuerz, wéi Dir dat ëmmer vu mir gewinnt sid, wëll ech dann och zu dene véier Accoren hei Stellung huelen. Ech mengen, datt déi Accoren op eng ganz sachlech a verständlech Aart a Weis vum Här Halsdorf virgedroë gi sin, an ech wëll him dofir merci soen, an och de Beamten, déi him bei der Redaktioun vun dene Rapporen gehollef hun, well et si relativ gudd Analysen, déi do gemaacht gi sin. De Gros vum Rapport as ganz sachlech a kompetent gewiescht.

Ech mengen, et as och scho vu ménge Virriedner gesot gin, datt et an den Accoren ëm d'politeschen an ekonomesch Kooperatioun geet. Am Fall vun der politescher Kooperatioun as gesot gin, datt eng Rei vun dene Länner nach Problemer um Niveau vun der Garantie vun de Mënscherechter hätten. An et as och zu Recht vu ménge Virriedner gesot gin, datt eis Diplomatie do oppasse muss, an datt soll insistéiert gin, datt déi Mënscherechter, haaptsächlech vis-à-vis vu Minderheten, solle respektéiert

gin. Dat as e Problem, deen an dene Länner ëmmer ganz grouss as.

Wann een dat méi détailléiert um Niveau vun de politesche Konflikter, déi an dene Länner stattfannen, wëll kucken - an ech maachen do eng Trennung zwëschen Usbekistan an de Republiken Armenien, Georgien an Aserbaidjan -, da muss ee feststellen, dass et an denen dräi Länner nach eng Rei vu Konflikter gëtt, déi nach ëmmer d'Potential vun engem Pölvverfaass hun.

Ech mengen, do as nët nëmmen de Konflikt tëschent Armenien an dem Aserbaidjan ëm Berg-Karabach, wou ech iwwregens der Meinung sin, dass d'OSZE eng ganz korrekt Positioun ageholl a wierklech versicht huet, fir ze vermëttelen an ze kucken, fir eng méiglechst wäitgehend Autonomie zouzegestoen. Der OSZE hir Haltung vis-à-vis vun den zwou Deelrepublike vu Georgien war och richtig.

Et kann nët sin, dass an all dene fréiere Sowjetrepubliken all d'Minderhete verlaange kënnen, fir ege Staten ze gin. Et kann nët denkbar sin, dass et an déi Richtung geet. Dat wäert jo dann och deelweis ethneshch Staten, wat scho guer nët ze begrëisse wär. Et as also scho richtig, wann d'OSZE gesot huet, fir ze versichen, eng méiglechst wäitgehend Autonomie de Minderheten an deem jeweilege Staat zouzegestoen. Mir mengen, dass dat déi richtig Richtung as.

Wann ech gesot hun, dass awer och nach aner Problemer an dene Staten do sin - och an denen, déi elo nët hei am Rapport ernimmt gin -, dann as een dovun de Konflikt, dee sech an där Géigend ëm de Petrol dréit. Dat heescht, dass as keen neie Problem, an et konnt een drüwer liesen, wat fir eng Intérêtën do sin, fir sech déi Petrolquellen ënnert den Noll ze räissen. Et as och e geopolitescht Spill, wéi den Zougank, dat heescht, wéi d'Pipeline verlafe soll. Och do wäert et nach vill Sträit gin, well do och eng ganz Rei vu mafïösen Organisatiounen am Spill sin.

E weidere Problem as dee vun den Atomzentralen, wéi déi an Armenien, déi am Erdbebegebitt steet. Do besteet och de Risiko, dass eng Kéier eppes geschitt.

Wat den Usbekistan betrëft, wëll ech jüst folgendes dozou soen. Onofhängeg vum Respekt vun de Mënscherechter, wou mir d'accord sin, dass duerno muss gekuckt gin, as dëst awer och nach e Land, wou ee gesäit, wéi eng Wirtschaftsentwécklung nët dierf sin. Wann ee kuckt, wat do mat der massiver Entwécklung vun der Monokultur vum Kotténg geschitt as, dat heescht - mat der Ausdréckung vum Aralséi a mat der Verseuchung duerch dee grouss Pestizidasaz, da gesäit een de Schued vun enger onekologescher Entwécklung.

Usbekistan as ee Land, wou ee bewiese kann, dass eng ekonomesch Entwécklung an eng aner Richtung goë muss. De wirtschaftleche Fortschritt muss mat ekologesche Versüchsmoosname kombinéiert gin. Ech fäerten, dass den Usbekistan nach jorzéngtelaang ënner där falscher Entwécklung aus Sowjetzäite leide wäert. Dat as wierklech den Terrain, fir ze soen, dass d'wirtschaftlech Entwécklung a méi eng nachhalteg Richtung goë muss.

Dat gesot, wäerte mir als Gréng dës Accoren trotzdem stëmmen.

M. le Président.- Den Ausseminister Jacques F. Poos huet d'Wuert.

M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.- Här President, erlaabt mir jüst e puer Remarken. Méng Félicitatiounen fir

de Rapporteur, den Här Claude Halsdorf, deen nët nëmmen de Projet inhaltlech auserneegeuegt huet, mä dee sech och d'Méi gemaacht huet, fir eng Länneranalys vun dene véier neie Partner ze maachen, déi d'Europäesch Unïoun elo kritt, wann d'Chamber dës Projetë stëmmt.

Aus där Analys geet ervir, dass déi meescht vun hinnen, wat den Demokratiséierungsprozess an d'Garantie vun de Mënscherechter ugeet, d'Prädikat ongenügend verdéngen. D'Prädikat ongenügend besonnesch, wat Usbekistan an Armenien ubelaangt, wat engéint dem internationale Recht an dem gudde Fridensvorschlag vun der OSZE nach ëmmer en Deel vum Aserbaidjan besat hält.

Trotz dene Bedenken, mengen ech, sin déi Partnerschaftsaccoren hei nëtzlech, well si ons nët nëmmen erlaben, eis wirtschaftlech a sozial Relatiounen mat dene Länner ze verbesseren. Si erlaben eis och, fir mat hinnen an e politeschen Dialog ze kommen. An deem politeschen Dialog wäerten d'Vertreter vun der Europäescher Unïoun, a ganz besonnesch Lëtzebuerg drop drängen, dass mat de Reformen eescht gemaacht gëtt an och déi ekonomesch Reformen weidergefouert gin.

Dat hei as nët deen alleréischte Partenariatsaccord, dee mir an der Chamber stëmmen. Et as eng nei Etapp, wou mir eis Accoren op den Transkaukasus, eng ganz bewegte Regioun vun onser Welt, ausdenen. Mir hoffen, dass d'Kooperatioun, déi Europa dës Länner ubitt, en Deel Berouegung brénge kann.

Ech wëll och nach drop insistéieren, dass dës Accoren och eng Mënscherechtsklausel enthalen, déi eis et géif erlaben, wann eng Verschlechterung vun der Mënscherechtssituatioun constatéiert gëtt, eis Kollaboratioun direkt ze stoppen.

Et schéngt mir och wichteg, dass eng Kontroll vun der Destinatioun vun eiser finanzieller Hëllef stattfënt. Déi finanziell Hëllef fléisst iwwer den TACIS-Programm a konkret Projetën, déi op der Plaz kënnen novollzu gin. Et as also keng Hëllef, déi einfach an de Budget vun dene Länner fléisst, a mat där se maache kënnen, wat se wëllen. Si musse Programmer presentéieren. Déi Programmer gi vun der Europäescher Unïoun matfinanziert a kënnen op der Plaz kontrolléiert gin. Wann do sollt en Deel vun där Hëllef zweckentfremdet gin, da gëtt et selbstverständlech och Méiglechketen, fir déi Hëllef ze stoppen.

Ech géif also d'Chamber bidden, déi véier Projetën, déi hei virleien, ze stëmmen. Ech soen am viraus merci fir déi schön Eestëmmegeet, déi sech hei erausschiet.

M. le Président.- D'Diskussioun as elo ofgeschloss. Mir kommen dann zur Lecture vun den Artikelen a stëmme muer doriwwer of.

Lecture du texte des projets de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique vum Projet de loi 4336 as gelies an ugeholl.

Den Article unique vum Projet de loi 4345 as gelies an ugeholl.

Den Article unique vum Projet de loi 4346 as gelies an ugeholl.

Den Article unique vum Projet de loi 4347 as gelies an ugeholl.

Domat wäert mir um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung as muer um 9 Auer.

D'Sitzung as opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.04 heures)